AELP

ASSOCIATION DES ETUDIANTS LUXEMBOURGEOIS A PARIS







# GUIDE DU FUTUR PARISIEN

Editioun 2023/24

# VIRWUERT

Léif Schüler/innen,
Léif Studenten/innen,
Léif Memberen,

De Sprong an d'Studenteliewen gëtt eng wichteg a cool Zäit an dengem Liewen, an als AELP, d'Associatioun vun de Lëtzebuerger Studenten zu Paräis, si mir do fir dir deen Iwwergang sou weit wéi méiglech méi einfach ze maachen.

An där Broschüre kanns du verschidden Informatioune fannen, sief et iwwer verschidde Studiegäng, d'Liewe zu Paräis generell oder och aner Informatiounen a Rotschléi fir eng Wunneng ze fannen, etc.

Als Comité si mir awer och do, fir op all déng aner Froen ze äntweren, déis du eis och iwwer eis Facebook-Grupp mat Lëtzebuerger Studenten oder iwwer eis AELP-Säiten op Facebook an Instagram stelle kanns.

Eis aner Roll als AELP ass verschidden Events z'organiséiren, wanns du bis zu Paräis bass. Dëst fänken direkt u mam Pot de Bienvenue, wous du déi aner Lëtzebuerger Studenten kanns kenneléiren an e flotten Owend verbréngen. Dat ganzt Joer laang ginn och nach aner Owender organiséiert, wéi de Partybus, Fräibéier oder déi traditionell Soirée Péniche. Du kanns och reegelméisseg aner Lëtzebuerger treffen, wanns du op Pottien kenns, déi opmannst eemol am Mount an eiser Stammbar stattfannen.



Wéi gesoot, zéck net eis unzeschreiwen wanns de eng Fro hues, mir sinn dofir do!

Hoffentlech gesi mir eis am September zu Paräis,

Paul Peiffer
Präsident vun der AELP

# INHALT

Virwuert vum Präsident vun der AELP 2

Wat ass d'AELP ? 4

*Comité 2023-24* 6

*Memberskaart a Merch* 8

Vivre à Paris !

*Studenteliewen zu Paräis* 9

*Wunnengssich zu Paräis* 11

*Transport zu Paräis* 17

Studien an Inscriptiounen 19

Finanzéierung vum Studium 29

Kontakt 31

# WAT ASS D'AELP?

D'Association des Étudiants Luxembourgeois À Paris, kuerz AELP, bréngt eng grouss Unzuel u Lëtzebuerger Studenten am Alter vun 18 bis 27 Joer zesummen, déi zu Paräis an de verschiddene Fakultéite studéieren. Dës Gruppéierung vu Studente mat verschiddenen akademeschen Hannergrënn erlaabt e fruchtbaren Austausch a gëtt eiser Associatioun eng interessant an eenzegaarteg Dynamik.

De Comité vun der AELP setzt sech aus 11 Membere zesummen a seng Missioun besteet engersäits an der Organisatioun vu verschiddenen Animatiounsaktivitéiten, déi d'Zesummebréngen an d'Integratioun vun de Lëtzebuerger Studenten zu Paräis erlaaben. Op der anerer Säit huet sech den AELP-Comité d'Zil gesat, den aktuellen an zukünfteg Lëtzebuerger Studenten zu Paräis wichteg Informatiounen iwwert hiert Studenteliewen ze vermëttelen. An deem Kontext steet de ganze Comité vun der AELP de Studente zur Verfügung, fir hinnen all hier Froen ze beäntwerten oder fir de richtegen Uspriechpartner ze fannen (Sich no Ënnerkunft, Hëllef bei der Aschreiwung an de verschiddene Fakultéiten, asw.).

All dës wichteg Servicer sinn entscheedend fir den AELP Memberen z'erméiglechen an enger vun de schéinste Stied an Europa ze studéieren.

Eis Aktivitéiten enthalen de Beaujolais Owend, Pub Meetings, den Dënschdeger Potti, d'Péniche an de Partybus. Bei dëser Geleeënheet lount de Comité e Bus, dee mat enger Danzpist an enger Bar ausgestatt ass. De ganzen Owend fiert de Bus duerch Paräis a bleift bei den Hapt Sehenswierdegkeete stoen.

Ënnert eise Haaptevenementer vum Joer kënne mir och de Begréissungsdrink, deen um Ufank vum Schouljoer organiséiert gëtt, ernimmen, deen en éischte Rendez-vous mat neie Studenten zu Paräis an eng Reunioun mat den Frënn no der Summervakanz erlaabt.

Den AELP Rallye gëtt zanter e puer Joer vum Comité organiséiert. Wärend dësem Rallye hunn d'Studenten d'Méiglechkeet Paräis a seng Monumenter ze entdecken a sinn invitéiert vill interessant Froen ze beäntweren.


Déi gréisste Party vum Joer fënnt um Enn vum akademescht Joer statt. Dëst ass natierlech déi berüümt "Soirée Péniche". En Danzfest op engem Boot um Ufer vun der Seine, dat Joer fir Joer eng grouss Unzuel vu Studenten aus Paräis mee och ganz Europa begréisst. Eis Eventer ëmmer ginn an eisem Facebook-Grupp ugekënnegt, dee méi wéi 1000 Memberen huet.



# COMITÉ 2023-24



**Paul Peiffer,** *Präsident*



**Sacha Wolf,** *Vize-Präsident*



**Anna Konsbruck,** *Sekretärin*



**Ines Collette**, *Trésorière*



**Samantha Nerin,**

Vize-Trésorière



**Nicolas Burg,** *Event Manager*



**Daniel Poulain**, *Event Manager*



**Charline Nickels**, *Public Relations*



**Lena Hoffmann,** *Public Relations*



**Caroline Everard,** *Social Media*



**Mathilde Alves Araújo,** *Social Media*

# MEMBERSKAART AN MERCH

Den AELP Comité proposéiert de Lëtzebuerger Studenten zu Paräis all Joer Member am Cercle ze ginn. An deem Kontext hues du d'Méiglechkeet eng Memberskaart bei eis ze kafen, déi dir verschidden Avantagë verschaaft. Du kriss ënnert anerem Deductiounen op den Entréespräisser fir eis Events, Maile mat Informatiounen zu Stage & Job Offere vun eise Partner an d'Recht op der järlecher Assemblée générale de neie Comité ze wielen.
Verschidde Partner vun der AELP organiséieren all Joers eng Partnersoirée wou een d'Méiglechkeet huet, d'Entreprise kennenzeléieren an eventuell och ee Stage ze fanne kann.

Fir deng Memberskaart ze kréien an ëmmer um leschte Stand ze si wat d'Studenteliewen zu Paräis ugeet wäerts du op engem vun eisen éischten Events gefrot ginn, ob s du gäre Member géifs ginn. Et wäert och en Post ob eise Socialmedia Kanäl gemaach ginn.
Wann s du da gären eng Memberskaart an déi derzou gehéierend Avantagë wëlls kréie bezuel einfach 15 € per Digicash oder Virement oder bei engem Comité-Member.

Ass daat gemaach, kanns du deng Memberskaart op engem vun eisen Events siche kommen! D'AELP bréngt och alljoers een AELPpullovereraus. Dëse kanns du am Laf vum Joer bei der AELP bestellen.

Méi Informatiounen dozou kommen am Laf vum Joer ob eise Socialmedia Kanäl.

# VIVRE À PARIS!

## Studentenliewen zu Paräis

Paräis ass eng Groussstad mat ville kulturelle Veranstaltungen. Vu Muséeën iwwert Concerten, Restauranten a Club's ass fir jiddereen eppes dobäi.

Verschidde sehenswürdeg Muséeën:

- De Louvre ass ee vun de bekanntste Konscht-Musée zu Paräis. Et ass d'Doheemvu ganz bekannte Konschtwierker wéi d'Mona Lisa oder d'Venus de Milo.
  Interessant ass och ze wëssen datt et fir europäesch Studente bis 26 Joer d' Entrée gratis ass.



- De Musée d'Orsay ass ee Konscht-Musée deen eng vun deene gréisste Kollektiounen huet vun impressionisteschen a post-impressionisteschen Tableauen.

- De Musée Carnavalet ass ee Musée d'Histoire deen d'Geschicht vu Paräis vun der Préhistoire bis haut retracéiert

- De Musée Rodin ass ee Musée deen zënter 1919 d'oeuvres vum Auguste Rodinausstellt.

Haaptsächlech am Summer kann een zu Paräis vu ville Concerte profitéieren. Ob op der Fête de la musique wou een duerch ganz Paräis gratis vu verschiddene Concerte ka profitéieren oder am Stade de France, bitt Paräis definitiv genuch Divertissement. Am Summer fënnt zu Paräis de Lollapallozza statt wou ee wärend zwee Deeg verschidden Artisten a Museker kann live erliewen.

Fir all déi déi eng kleng Oflenkung vum Studéiere brauchen, ginn et zu Paräis genuch Méiglechkeete fir erauszegoen. D'AELP organiséiert duecht Joer genuch Evenementer un deenen's du kenns deelhuelen, sief dat un eisem Dënschdeger Potti an eise Stammcafé beim Panthéon oder op eiser Péniche op der Seine. Ausserhalb vum AELP-Kader, bitt Montparnasse ganz flott Caféëe fir eppes drénken ze goen, an an der rue Princesse kenn een ëmmer vun enger flotter Ambiance profitéieren.

Aner flott Platze fir erauszegoen :

- Nouvel Institut oder Aux Rattrapages bei Jussieu sinn zwou typesch Studentebare wou een an engem relaxe Kader no de Coursen eppes kann denke goen.
- Op der Place Contrescarpe kann ee bei guddem Wieder ee Café drénke goen an héinsto vu live Musik profitéieren.
- Bei Montparnasse ass Owes ëmmer eng lass an do ginn et lauter flott Caféëen.

Paräis ass ënnert anerem och d'Haaptstad vun der Gastronomie a bitt deemno ganz vill flott Restaurant'en. Héi e puer flott Platzen:

- Rue du Cherche-Midi
- Rue de Buci
- Etc.



# Wunnengssich zu Paräis

## Wou soll ech sichen?

D’Sich no der perfekter Wunneng zu Paräis ka laang an ustrengend sinn. Dowéinst ass et wichteg, direkt ob deene richtege Platzen ze sichen.

Als éischt muss du dir d’Fro stellen, wéi s de wunne wëlls: eleng, an enger Collocation oder an engem Studentenwunnheem.

Ob elo eleng oder an enger Collocation ass et am beschten du fiers iwwert eng Agence Immobilière.




Agencen hunn de grousse Virdeel, dass een eng grouss Unzuel un Offere gebuede kritt déi s du da matenee kanns vergläichen. Et ass och unzeroden ëmmer bei méiwei nëmmen enger Agence no der passender Wunneng ze sichen.

Op www.seloger.com zum Beispill, kanns du, tëscht all de Wunnenge vun all den Agencen, dir déi Offer raussichen, déi dir am beschte gefält. Hei kanns du genau ugi wei grouss deng futur Wunneng soll sinn, wou se leie soll an a wei enger Präisklass dës soll sinn. Natierlech kann een och direkt bei eng Agence uruffen an no engem Rendez-vous froen.

SeLoger

Bei der Wunnengssich heescht et allerdéngs gedëlleg sinn. Et ass leider net gesot, dass wann dir eng Wunneng gefält an du dës gäre loune wëlls, du se och kriss. D’Franséisch Propriétairë verloune léiwer un Fransousen ewéi un Auslänner. Mee keng Angscht, du wäerts déi richteg Wunneng sécher bis zum Ufank vum neie Schouljoer fannen.

Déi meescht Agencë froe ganz vill Pabeieren, déi een esou séier wéi méiglech muss raschécke, fir dass een déi Wunneng déi ee gären hätt och kritt.

De Nodeel bei den Agencen ass, dass een ufanks eng Kautioun bezuele muss (+-1 Loyer, mee déi kriss du zum Schluss, wann s du eraus plënners, erëm zréck), verschiddener froen dann och nach vill Niewekäschten dobäi, wéi z.B. Frais d'agence déi ee fir hir Servicer bezuele muss.

Eng Visitt ass normalerweis gratis! Ganz wichteg: Wann s d'Agencë soen dass si ob dech zeréck kommen, muss de an deene meeschte Fäll selwer puer mol nohake bis du endlech en Réckmeldung kriss.




En aneren Nodeel ass, dass vill Propriétairen en Garant froen, dee muss a Frankräich ugemellt sinn an en franséische Bankkonto hunn. Dëst ass net bei all de Wunnengen de Fall, mee et gëtt awer ganz oft gefrot. Solls du elo keen sou en Garant hunn, gëtt et entweder d'Méiglechkeet weider ze sichen, bis dass een eng Wunneng fënnt déi keen sou ee Garant freet, oder awer et bezilt een en Organisme, dee fir ee biergt.

Eng Colocatioun wär och eng gutt Optioun, wann s du net ganz eleng wunne wëlls. Falls du net eleng wunne wëlls an awer kee kenns dee gäre mat dir zesumme wunne géif, kanns du ëmmer probéieren um Facebook Site vun der AELP Leit ze fannen, déi och nach en colocataire sichen.

Aaner utile Internetsiten sinn: www.logic-immo.com; www.adele.org ; www.location-etudiant.fr ; www.lokaviz.fr ; www.cidj.com ; www.appartager.com ; www.lacartedescolocs.fr ; www.room4talk.com ; www.studapart.com .

Fir privat Locatiounen: www.pap.fr ; www.leboncoin.fr ; www.entreparticuliers.com ; www.locatme.fr ; www.roomlala.com .

## Studentenwunnheem

Wanns du an ee Studentewunnheem wëlls wunne goen, kucks du am allerbeschten op www.adele.org oder op www.crous-paris.fr .

Eng aner Optioun wier et, an d' Fondation Biermans-Lapôtre wunnen ze goen. Dëst ass eng Résidence Universitaire déi haaptsächlech lëtzebuergesch a belge Studente beherbergt. D'Fondation befënnt sech an der Cité internationale Universitaire am 14. Arrondissement, wou sech och nach 37 aner Haiser vir auslännesch Studente befannen.

Méi Informatioune kanns du op www.fbl-paris.org fannen.

Et ginn och privat Résidences universitaires wei zum Beispill : Estudines, Studelites, FacHabitat, Nexity, Gestrim Campus, etc.

## Wou soll ech wunnen ?

Wous du dann elo schlussendlech wunne soll, hänkt haaptsächlech dovunner of wats du studéiers a wéi deng seng Preferenze sinn: Entweder du wëlls an engem méi rouege Quartier wunnen, oder do wou daagsiwwer an Owes vill lass ass.




Informéier dech virun denger siche wou deng Fakultéit genau läit. Pass heibäi awer ob, well d'Unien verschidde Gebaier fir di verschidde Joren hunn. Am beléiftste bei de

Studente sinn awer ëmmer nach de 5., 6. an 13. Arrondissement. Mir roden dir dowéinst fir all Wunneng d'Adress op Google Maps nozekucken an de Wee ze Fouss vun dengem neien Appartement bis bei deng Uni ze kucken.

D'Héicht vum Loyer hänkt ganz vun der Géigend of wou d'Wunneng läit. Präisser pro Quadratmeter hänke vun Arrondissement zu Arrondissement of.

Sou ass et zum Beispill méi einfach eng vergläichsweis méi bëlleg Wunneng am 13. Arrondissement ze fannen ewéi am 5. Arrondissement.




Du kanns dëssen QR Code scannen, wous de duerschnëttlech Präisser fir all Arrondissement fenns:

SCAN ME

*<u>E gudde Rot:</u>*

Fänk fréi genuch mat der Wunnengssich un!

Vu datt déi meeschte Fakultéiten d'Examen op Enn Abrëll an Ufank Mee leeën, ginn no där Zäit déi meeschte Wunnenge fräi. Mir roden dir also schonn Enn Mee

an Ufank Juni op d'Sich no denger Wunneng uze maachen, wëlls de do demeeschte Choix wäerts hunn.

## Wéi eng Dokumenter brauch ech ?

Wann s du bis déi passend Wunneng fonnt hues, stellt sech d'Fro wei eng Dokumenter s du brauchs.

Fir d'alleréischt rode mir dir un en franséische Bankkonto op ze maachen. Deen ass onëmgänglech bei ville franséischen Agencë fir däi Loyer an deng Chargë kënnen ze bezuelen.

Oft benotzen se nach Chèquen, déi et bei eis net méi ginn. Dësen ass awer net obligatoresch bei allen Agencen.

Dës Weideren ass et méi praktesch scho vun Ufank un esou ee Kont ze hunn, wells de fir déi nächst Démarchen ee RIB (Relevé d'Identité Bancaire) vun dengem Kont brauchs(de RIB ass eng 23-stelleg Zuel ënnert der Form xxxxx- xxxxx-xxxxxxxxxxx-xx).

Et ass och méiglech de Bankkonto réischt no der Wunnengssich opzemaachen, mee an deem Fall sollt een net ze laang domadder waarden.

Aner Dokumenter déi s du héchstwarscheinlech brauchs sinn:

- En RIB (Relevé de l'Identité Bancaire) fir de Loyer
- Déi 3 lescht Fiches de paie vun dengen Elteren
- Kopien vun denger Carte d'identité an der vun dengen Elteren
- E Certificat d'affiliation (dee kanns de op ccss.lu/certificats ufroen)
- Eng Attestation d'assurance habitation vun denger Assurance : hei kanns du d'Assurance vun dengen Eltere froen, am Fall wou s du iwwert sie verséchert bass. Soss muss du dech un eng franséisch Assurance wenden.



The bridge
to your
freedom
SPUERKEESS.LU/axxess
axxess
VISA
Debit
5431 3210 1234 5678
JIL SCHMIT
11/23
Ta carte
Ton compte
Tes avantages
STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans
axxess
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

# Transport zu Paräis

Zu Paräis ginn et verschidde Méiglechkeete fir sech fortzebeweegen.



Déi meeschte benotzen de Metro. Mat dengem Certificat de scolarité kenns du vum Forfait Imagine R Etudiant profitéieren (350€/Joer). D'Metro's Verbindungen zu Paräis si richteg gutta ginn dir vill Flexibilitéit.

Mat denger Carte Navigo kenns de net nëmmen de Metro huelen, mee och de RER an de Bus.

Wann ee just geleegentleg de Metro oder Bus well huele kenn een sech och eng Carte Navigo Liberté + maan wou een Enn des Mounts fir esouvill debitéiert gëtt fir wéi villee Kaart benotzt huet. (1,45€ proTrajet). Et kenn een sech soss och eng Carte Navigo Easy man wou een sech iwwert d'App vun der SNCF kenn Tickets drop setzen. (1,90€proTrajet)




Zenter dem Covid sinn och d'Vëlospisten ausgebaut ginn, soudass een sech och kenn mam Velo deplacéieren. Wann ee keen eegene Velo huet kenn een sech een Abonnement bei Velib' man. Dat bëllegst Abonnement kascht 3,10€ de Mount.

## ËFFENTLECHEN TRANSPORT (TGV)




Fir vu Lëtzebuerg ob Paräis ze kommen hues du zwou Méiglechkeeten. Entweder du fiers mam Auto dohinner oder mam TGV.

Wann s du dech fir den TGV entscheets hues du e puer Optiounen. Du kanns ganz normal

en Billjee buchen an dofir de normale Präis bezuelen oder du entscheets dech fir en Abonement.

Billjeeë kanns du ganz einfach online op www.sncf.com oder an hirer APP kafen.

Du kanns dir bis 27 Joer eng „Carte jeune“ zouleeën, mat däers du vu Reduktiounen op den TGV-Billjeeë profitéiere kanns. Dës kascht 49 € pro Joer an du muss se och ëmmer bei denger Rees virweise kënnen.

Weider Informatiounen zur Carte jeune fënns du ënnert:




https://www.sncf-connect.com/app/catalogue/description/carte-avantage-jeune

Du kanns dir och bis 27 Joer en Abonnement „**MAX JEUNE**“ zouleeën. Hei bezils du 79€ pro Mount a kanns dofir 6 „ gratis “ Aller-Retour dat heescht am ganzen 12 Billjeeë an der 2. Klass maachen. Des 6 Aller-Retour kennen nëmmen innerhalb vu Frankräich an tëschent Frankräich a Lëtzebuerg gemaach ginn. Hei awer opgepasst well du kanns net egal weien TGV huele mee nëmmen déi, wou eng Platz fir däin Abonnement fräi ass. Dat si meeschten 2-3 Zich am Daach. En aneren Nodeel vun dësem Abonnement ass, dass de wärend de Feierdeeg an de Vakanzen oft keng Platz kriss.

Weider Informatiounen fënns du ënnert:

https://www.sncf-connect.com/app/catalogue/description/max-jeune

Weider Informatiounen zu all den Offres vun der SNCF fënns du ënnert:

https://www.sncf-connect.com/app/catalogue

# Studien an Inscriptiounen

## Parcoursup

Fir zu Paräis studéieren ze kënnen, muss du fir d'éischt eng Précandidature op der Internetplattform Parcoursup (oder eCandidat fir de Master) maachen.

Soubal s de dech als neien Utilisateur ageschriwwen hues an dech mat dengen Zougangsdaten ageloggt hues, kann et lass goen.

### Wéini a wéi kann ech mech aschreiwen?

D'Parcoursup Plattform, zougänglech op www.parcoursup.fr , mécht Mëtt Januar op an d'Lycéeschüler kënnen sech bis Enn Mäerz registréieren an hiren Dossier erstellen.

An dëser Periode kanns du maximal 10 Wënsch fir Studiegäng a ganz Frankréich auswielen, fir déi s du dech interesséiers. Ee Wonsch entsprécht engem Studiegang op enger Uni. D'Reiefolleg vun de Wënsch spillt hei keng Roll.

Dono hues du bis Ufank Abrëll Zäit fir däin Dossier ze completéieren, dat heescht deng Wënsch ze bestätegen, deng Lettre de Motivation fäerdeg ze stellen an eventuell Dokumenter op der Plattform ofzeginn. All Wonsch muss virun Ufank Abrëll bestätegt ginn, soss gëtt en net berécksiichtegt.

## Wéini kréien ech d'Äntwerten op meng Wënsch?

Ufank Juni kriss du Äntwerten op deng Wënsch.

An dëser Periode kriss du vun deene verschiddenen Unien an Héichschoule Bescheed gesoot, op s du fir déi verschidde Studiegäng an deene verschiddenen Etablissementer ugeholl gi bass.

3 Aarte vun Äntwerten si méiglech:

- **OUI**: Du bass an der Formatioun fir déi s du dech gemellt has ugeholl.
- **En attente**: Du bass op der Waardeléscht. Hei ass et wichteg net d'Hoffnung ze verléieren, et ass nach alles méiglech.
- **NON**: Du bass fir dës Formatioun refuséiert.

## Wann ech eng positiv Äntwerte kritt hunn … wéini soll ech äntweren?

Opgepasst op Frist! Fir datt jidderee séier eng Äntwert ka kréien, sinn d'Delaie fir ze entferte relativ kuerz. D'Deadlinë fir op Umeldungsvirschléi ze reagéiere sinn um Site vu Parcousup uginn.

Soubal s du eng Propositioun kritt, stinn zwou Méiglechkeete fir dech op.

**Optioun 1: d'propositioun unhuelen.**

Mä hei opgepasst: andeems du eng Propositioun d'admission unhëls ginn all deng aner Propositioun d'admission geläscht. Déi Wënsch wou s du nach keng Äntwert kritt hues bleiwen awer bestoen a ginn net geläscht.

**Optioun 2: op d'Propositioun verzichten déi dir gemaach gouf.**

## Wat geschitt wann s du keng Äntwert kritt hues?

Fir déi, déi keng Entrée-Propositioun kritt hunn oder nach op der Waardelëscht stoungen an nach fir kee Studium ugeholl gi sinn, fänkt de Mëtt Juli eng sougenannt "komplementar" Phase un. Hei gëtt däin Dossier nach eemol gekuckt an du kriss Proposë gemaach déi esou no wéi méiglech un dengem initiale Choix mussen drun sinn. Wieder Informatiounen an déi genau Daten fënns du hei:

Wann s du eng positiv Äntwert op Parcoursup kritt hues an se ugeholl hues, kanns du dech elo definitiv op denger neier Uni umellen.

Proximus Luxembourg, filiale du groupe Belge Proximus, est une entreprise offrant une gamme complète de services de communication et ICT aux particuliers, aux entreprises et aux institutions. Pour répondre au mieux aux différents besoins de leurs clients, Proximus Luxembourg s'appuie sur ses 3 marques commerciales que sont : Tango, Telindus et Codit

Tango, fondée en 1998, offre des solutions de téléphonie mobile, internet et télévision pour les particuliers, petites et moyennes entreprises au Luxembourg.

Telindus, présent sur le marché luxembourgeois depuis 1979, est axée sur les solutions de communication et services ICT.

Codit spécialisée dans l'intégration de systèmes et l'innovation numérique, elle se concentre sur le développement de solutions logicielles personnalisées, l'intégration d'applications d'entreprise, l'IoT (Internet des objets) et d'autres services numériques avancés.

Ensemble, ces marques contribuent à la position de Proximus Luxembourg en tant qu'acteur clé du secteur des télécommunications et de la technologie au Luxembourg, en fournissant des services de qualité aux particuliers, aux entreprises et aux institutions tout en favorisant l'innovation et la connectivité.

# Studien

De franséischen Unis- an Héich- Schoulsystem ass dem Bologna-Prozess ugegliddert an ëmfaasst 3 Cyclen: D'Licence (an anere Länner Bachelor genannt), de Master an den Doktorat. D'Längt vun de Studie variéiert jee no Schoul an Aart vu Studium.

## LICENCE (BAC +3)

D'Licence ëmfaasst 6 Semesteren, also 3 Joer Studium. Studente mat engem BTS, DUT oder DEUST kennen no 2 Joer Studium eng Licence professionnellen ufroen, déi 1 Joer dauert.

## MASTER (BAC +5)

No der Licence kennen d'Studenten e Master-Diplom maachen, deen entweder op eng Weiderbildung an der Recherche virbereet oder op eng héich qualifizéiert Ausbildung zréck gräift. De Master ëmfaasst 4 Semesteren (2 Joer).

## Doktorat (Bac +8)

D'Studente mat engem Master-Diplom kënne sech an den Doktorat aschreiwen, sief dat fir sech (haaptsächlech) an der Recherche oder am Beruff weider ze bilden. Den Doktorat dauert am Ganzen 3 Joer.

Zu Paräis kenn ee bal alles studéieren. Mir stellen Iech hei dei gängegste Studiegäng fir.

## Droit

Am Droit ginn et verschidden Unie wou dir iech kennt umellen :

- Université Pathéon-Sorbonne Paris I
- Université Pathéon-Assas Paris II
- Université Paris Descartes
- Université de Nanterre
- Etc



Den Opbau vum Studiegang ass normalerweis ganz klassesch. Cours'en ginn normalerweis dispenséiert sous forme vu CM'en (cours magistraux). An den Haaptfächer huet een dann nach TD'en (travaux dirigés) a méi klenge Gruppe fir d'Matière z'approfondéieren.

No all Semester huet een Examen's Sessiounen. D'Exame vum éischte Semester sinn normalerweis am Januar an d'Exame vum zweete Semester am Mai-Juni. Am Laf vum Semester huet een ee grousse Contrôle continu (Galop) an den Haaptfächer.

D'Umeldunge fir d'Licence maachen sech all iwwert Parcoursup a mir roden Iech un do de "guide du candiat"  erofzeluede wou dir all d'Informatioune fannt déi dir fir d'Umeldung braucht.

*Opgepasst* : D'Umeldunge fir d'Double-Cursus'en an d' "Cursus sélectifs » (ex : Collège de Droit etc) fueren normalerweis iwwert extra Prozeduren. Do ass et am Beschte wann s de dech um Site vun der Uni selwer informéiers.

Fir weider Informatioun'en kenns de gären eisen Internetsite consultéieren. Do fënns de ënnert anerem eng Comparaison zweschend der Assas an der Sorbonne. (AELP.lu)

## Medezin

An der Medezin huet dir zwee verschidde Weeër entweder dir Macht dat éischt Joer op der Uni zu Lëtzebuerg a kommt dann iwwert Passerellen op d'Sorbonne Université an d'zweet Joer oder dir maacht direkt dat éischt Joer zu Paräis a maacht de Concours vun der PACES.

Et ginn zwou Haaptunie fir Medezin :

- Sorbonne Université Paris VI

- Université Paris Descartes

D'Umeldung am 1ten Joer Medezin (Parcours PACES) leeft iwwer Parcoursup. Wann dir dat éischt Joer zu Lëtzebuerg wëllt mann da musst dir iech op der Uni.lu umellen.

Fir weider Informatiounen zu deene verschiddene Jore kennt dir ganz gären eisen Internetsite consultéieren. (AELP.lu)

## Frais d'inscriptions

D'Frais d'inscription'en si fir all Public's Uni déi selwecht an ganz Frankräich.

- Fir d'Licence : 170€

- Fir d'double Licence : 170€ +113€

- Fir de Master : 243€

Bei déi Frais d'inscription'en kennt d'CVEC (contribution à la vie étudiante et de campus) vu 100€ nach dobäi.

Hei nach weider Temoignagë vun anere Studenten zu hire Studiegäng:

## Bachelor in Management (BSc° de ESCP Business School)

L'ESCP, la plus ancienne école de commerce au monde, est en position six des meilleures écoles de management (Financial Times 2020). Depuis 2015, l'ESCP offre un programme Bachelor en management général. Les étudiants suivent un cursus de 3 années, dans 3 pays différents en pratiquant 3 langues. Le programme est disponible sur cinq des campus européens de l'école : Paris, Londres, Madrid, Turin et Berlin. Le programme est pluridisciplinaire, enrichi de cours d'humanités de sciences sociales et de langues afin de préparer les étudiants au mieux à des carrières internationales dans un monde de plus en plus globalisé. Inscrite en première année du Bsc au campus de Paris, je recommande vivement le programme à celles et ceux qui souhaitent découvrir le monde des affaires à travers une approche pratique et dans un milieu multiculturel.

- Camille

## Description double licence Économie-Droit

La double licence Droit-Économie est délivrée par l'Université Paris 1 pour le droit comme pour l'économie. Le parcours permet à l'étudiant d'acquérir les notions fondamentales juridiques et économiques et ouvre les voies vers un master en économie ou en droit, voire vers des études d'affaires publiques. La formation s'adresse à des étudiants ayant poursuivi des études de toute section même si un niveau de section B, C ou D en mathématiques peut s'avérer avantageux. L'admission à ce double cursus se fait par la procédure de ParcourSup.



Brochure de présentation de la double licence Droit et Economie :
[https://formations.pantheonsorbonne.fr/fr/catalogue-des-formations/licenceL/licence-droit-KBT8CDAC/double-licence-droit-economie-KBT8CEW8.html](https://formations.pantheonsorbonne.fr/fr/catalogue-des-formations/licenceL/licence-droit-KBT8CDAC/double-licence-droit-economie-KBT8CEW8.html)

- Olivier

## Double cursus - Droit et Sciences

La double licence Droit et Sciences est délivrée par l'Université Panthéon-Assas Paris II pour le droit et par l'Université Sorbonne UPMC Paris VI. Le parcours permet à l'étudiant d'acquérir des connaissances à la fois juridiques et scientifiques afin de pouvoir s'orienter vers un Master de sciences ou un Master de droit. Après une première année de tronc commun en sciences, l'étudiant peut s'orienter vers une des huit disciplines proposées par l'université. (Biologie, Chimie, Électronique, Informatique, Mathématiques, Mécanique, Physique, Sciences de la Terre). Étudiants concernés : La formation s'adresse à des étudiants ayant poursuivi des études scientifiques au lycée. (Section B et C) Conditions d'admissions : L'admission est hors ParcourSup et se fait sur dossier et entretien. Présentation de la double licence : https://www.u-paris2.fr/fr/formations/offre-de-formation/licence-double-cursus-en-droit-et-sciences

- Anne

## Études au Conservatoire de Paris

Paräis, Droit a Medizin? Wann ech Paräis héiren, denken ech un gutt Iessen, gudde Wein, gutt Musik, gutt Kleedung. Sprësch, Kultur gëtt an dëser Staat grouss geschriwwen. Als ee vun den Haaptdréipunkten an der Musik, stinn engem zu Paräis d'Dieren op fir sech an där Branche op der ganzer Welt ze etabléieren. Dat war och scho fréier esou. Mat dem berühmte Conservatoire de Paris, als Flaggschëff, huet Paräis eng vun de beschte Musikshéichschoulen op der Welt ze bidden. Wann dir haut ee Lidd op Spotify oder Deezer läuschtert, ass d'Chance grouss, dass dëst, onofhängeg vum Genre, an iergendengem Sënn mat Paräis ze dinn huet.



- Jean-Jacques

## Formation de droits français et allemand Universität zu Köln – Paris 1

En 1990, l'Universität zu Köln et l'Université Paris I Panthéon-Sorbonne ont créé une formation générale en droits français et allemand. Ce programme commence par deux années d'études à Cologne, puis deux années à Paris et mène à la délivrance des diplômes français de licence et de maîtrise (master 1 spécialité droits franco-allemand) et du diplôme allemand de bachelor (LL.B. Köln/Panthéon-Sorbonne). À l'issu des 4 années, les étudiants ont le choix de poursuivre leurs études en France en ayant accès aux meilleurs masters 2 en droit, de retourner en Allemagne afin d'obtenir le Staatsexamen ou de poursuivre leurs études dans un 3ème pays afin d'obtenir le master 2 Juriste international.

Ce qui rend ce programme unique, c'est sans doute son grand réseau d'alumni, mais également les liens qui se créent dans chaque promotion qui vont au-delà des études. Vous trouverez plus d'informations sur le site du programme franco-allemand Cologne-Paris (http://www.sorbonne.international/cologne.html)

- Alexandra

## Études d'Histoire à l'Université Paris I Panthéon-Sorbonne



Les études d'Histoire à l'Université Paris 1 Panthéon-Sorbonne offrent, à part d'un certain nombre de cursus en double licence, un programme varié au sein de la licence d'Histoire. La première année de licence vise une initiation aux 4 grandes périodes de l'histoire (ancienne, médiévale, moderne et contemporaine). La deuxième année de licence consolide les notions acquises et met un point fort sur la méthodologie de l'histoire. Les cours de ces deux premières années ont lieu au Centre Pierre-Mendes France. La troisième année, qui se déroule au Centre Sorbonne, est l'année de spécialisation. Un grand nombre de matières fondamentales permettent à l'étudiant de choisir les cours selon ses intérêts personnels et choix professionnels dans le futur.

Enfin, les deux années de master M1 et M2 offrent un large éventail de parcours professionnels ou de recherche.
La faculté d'Histoire de l'Université Paris 1 Panthéon-Sorbonne est une des meilleures en France, voire en Europe, et cela grâce à des enseignants-chercheurs engagés et un encadrement pédagogique assuré à travers des enseignants-référents qui soutiennent l'étudiant dans son parcours universitaire. Il ne faut surtout pas se laisser décourager par une administration parfois mal-organisée et un Centre Pierre-Mendes France un peu délabré, c'est aussi ça qui fait le charme de Paris 1 !

- Felix

## Finanzéierung vum Studium

Wann s du bis eemol rausfonnt hues wat genau a wou s du studéiere wëlls stellt sech natierlech och d'Fro, wie s du dat ganzt finanzéiere kanns. Heibäi gräift de Lëtzebuerger Staat dir ënnert d'Äerm.
Dëss finanziell Hëllef besteet aus engem Deel Bourse an engem Deel Prêt.
D'Bourse, och CEDIES genannt, kritt all Student a muss och  net zeréckbezuele ginn.
De Prêt ka vun all Student ugefrot gi mee dëst ass net obligatoresch an en muss nom Studium zeréckbezuelen.
D'Bourse an de Prêt kann een 2 mol am Joer ufroen, eng kéier fir d'Wantersemester an eng kéier am Summersemester.

### BOURSE

D'Bourse besteet aus verschiddenen Deeler an setzt sech aus der Basisbourse, Mobilitéitsbourse, Sozialbourse, Familljebourse an den Studiefraisen zesummen.

| | |
|---|---|
| Basisbourse | All Student, deen op enger Universitéit oder Héichschoul ageschriwwen ass, huet heirobber en Urecht |

| | |
|---|---|
| Mobilitéitsbourse | All Student, deen am Ausland dh.ausserhalb vu sengem Wunnsëtzland studeiert huet heirobber en Urecht |
| Sozialbourse | Bei der Sozialbourse hengt et derfunoof, wéi héich dat besteierbaart Akommes vum Stot ass, an deem een ugemellt ass. |
| Familljebourse | All Student, deen e Geschwesterdeel huet daat am selwechte Stot ugemellt an och op enger Uni ageschriwwen ass huet heirobber en Urecht. Dësen Deel vun der Bourse kritt een nëmmen am Summersemester ausbezuelt, dofir ass et awer dann den duebele Betrag. |
| Studiefraisen | D'Aschreiwungs- a Studiekäschte vun 100 € bis zu maximal 3.700 € ginn zu jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Hei ginn allerdéngs 100 € fir Dossierskäschten ofgehalen. |

## PRÊT

3.250 bis 5.245 Euro pro Semester:

All Student ka 3.250 € Prêt ufroen. Deen Deel vun der Sozialbourse, deen een net kritt, kann een och als Prêt ufroen, deen domat op bis zu 5.245 € klamme kann.

## DEMANDE

Du muss deng Demande online iwwert MyGuichet maachen.

Wann s du bis ugefaangen hues deng Bourse unzefroen, muss du verschidden Dokumenter ofginn. Ënnert anerem muss du däi RIB also de „Relevé d'identité bancaire" eroplueden. De RIB ass eng Beschäinegung, déi vun der Bank ausgestallt gëtt, a bestätegt, dass e Kont op e bestëmmten Numm leeft. Du fënns dësen normalerweis um Web-Banking Site vun denger Bank.

De „Relevé d'identité bancaire" (RIB) ass eng Beschäinegung, déi vun der Bank ausgestallt gëtt, a bestätegt, dass e Kont op e bestëmmten Numm leeft (méi dozou ënner „Online- Dokumenter").

*Bei der Spuerkeess:*
*Um S-net aloggen > „Einstellungen" > „Konten" > „Bescheinigung einer Bankverbindung" > „Konto auswielen"*

Du wäerts ënnert anerem och gefrot ginn a wei engem Cycle s du bass. E Cycle ass e Studiegang. De Bachelor ass deen éischte Cycle an de Master ass deen zweeten.

***Wichteg:***
Du kriss deng Frais de scolarité deelweis zeréck bezuelt. Dowéinst ass et awer wichteg eng Preuve vum Paiement zu hunn. Wann s du also deng Frais op der Uni bezils ass et wichteg den reçu ze halen, fir dass du deen dono kanns als Preuve ofginn.

## Kontakt

**Internet Site:** *http://aelp.lu; ;* **E-mail Adresse** : *contact@aelp.lu*

**Facebook** : *AELP Comité* an *AELP Association des Etudiants Luxembourgeois à Paris a.s.b.l ;* **Instagram** : *aelparis*

**Guide du Futur Parisien**

**© AELP A.s.b.l.**

**Rédaction** : Anne Weyland, Céline Niederkorn & Paul Peiffer

**Mise en page :** Caroline Everard & Mathilde Alves Araújo

Tous droits réservés.

Toute reproduction sans autorisation écrite préalable de l'AELP est strictement interdite.